N°4026
Entrée le 01.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 4026 vum 30. Abrëll 2026 vum Här Deputéierten Michel Lemaire.**

Den honorabelen Deputéierte freet am Kader vu senger parlamentarescher Fro, ob d'Kräizung um Schumann's Eck als accidentogen ageschat gëtt a wéi eng konkret Mesurë vu staatlecher Säit geplangt sinn, fir d'Situatioun ze verbesseren.

*Fro 1: Ass et an de leschten 10 Joer op där genannter Kräizung statistesch opfälleg dacks zu Accidenter komm? Wéi enger Natur waren dës Accidenter, d.h. wéi dacks ass et just beim Materialschued bliwwen a wéi dacks goufe Persoune blesséiert?*

Laut den Donnéeën, déi der Stroossebauverwaltung virleien, gouf zënter 2015 op der genannter Kräizung een eenzegen Accident op der N26 enregistréiert.

Dësen Accident huet sech am Joer 2021 ereegent an ass op d'Net-Respektéiere vun der Virfaart zeréckzeféieren. Bei dësem Accident goufen zwou Persoune liicht blesséiert.

Et sief dobäi ze betounen, dass net all Accident d'Office dokumentéiert gëtt. Accidenter, bei deenen et glécklecherweis just zu Materialschued koum, ginn oft direkt vun de bedeelegte Persounen nach op der Plaz mëttelst dem "Constat amiable d'accident automobile" gekläert.

*Fro 2: Misst déi genannte Kräizung an den Ae vun der Madamm Minister entschäerft ginn? Wa jo, wéi géifen dës Mesüre konkret ausgesinn a bis wéini ass mat der Ëmsetzung dovun ze rechnen?*

Déi genannte Kräizung gëtt effektiv am Kader vun engem Projet nei amenagéiert. Dëse Projet ass noutwenneg ginn, fir der urbanistescher a gewerblëcher Entwécklung ronderëm de Rond-point an zu Wolz Rechnung ze droen an esou sécherzestellen, dass d'Kräizung och an der Zukunft de méi héije Verkéier packt. Zousätzlech sinn nei Verbindungen am Vëlosnetz virgesinn.

Den detailléierte Virprojet (APD) befënnt sech an der Finaliséierungsphas. De Projet gesäit de Bau vun enger zweeter Bréck nieft der bestoender Bréck vir, souwéi d'Ariichte vun engem Kreesverkéier, fir d'Visibilitéit an d'Sécherheet op dëser Kräizung ze verbesseren.

Wann déi entspriechend Autorisatiounen virleien, ass virgesinn am Joer 2028 mat der Ëmsetzung vum Projet unzefänken.

Lëtzebuerg, den 1. Juni 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlechen Aarbechten

(s.) Yuriko Backes